PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 02/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Den 18ten Oktober invitéiert de Chef d'État Major vun der Arméi op ee Concert mam Titel „Fënnef Joer Engagement fir d'Arméi". Dësen Owend, zu Éiere vum amtéierende Verdeedegungsminister, gëtt organiséiert am Trifolion zu Iechternach. D'Lëtzebuerger Militärmusek spillt zesumme mat renomméierte Soliste Film- an Jazzmusek.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill wäert d'Verwaltung sech dëse Concert kaschte loossen? Wéi vill kascht d'Locatioun vum Sall, den Engagement vun de Solisten, d'Technik fir de Concert an och de Catering wärend an nom Concert?

2. Ass et üblech, dass ee Minister um Enn vun enger Legislaturperiod zu sengen Éiere vu senger Verwaltung ee Concert organiséiert kritt? Gouf et dat an der Vergaangenheet scho bei Arméi a Police oder och anere Verwaltungen a falls jo, kann d'Regierung e puer Beispiller nennen?
Wosst de Minister vun dësem Concert Bescheed?

3. Kréien déi Leit, déi als Zuschauer dem Concert bäiwunnen, iergendeng Form vun Indemnitéit (Pécuniaire an/oder en Nature) oder ginn si fir de Concert fräigestallt? Wann jo, wéi vill?

4. Wéi steet den zoustännege Minister dozou, dass de Chef d'État-Major eng Mail an Optrag ginn huet, dass jidder Militär, ausser fir „raisons impérieuses", an Uniform soll Deel huelen?
Fält d'Bäiwunnen an Uniform vum Concert an déi regulär Aarbechtsstonne vum Zaldot?
Wäert de Minister deenen Zaldoten, déi dem Concert musse bäiwunnen, Iwwerstonnen accordéieren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Deputéierten